

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2018-002

Newsletter 1 / 2018

Januar 2018

Assurance

Mir si frou iech kënnen matzedeelen, dass d'Assurance La Baloise mat vanbreda & lang d'Altersgrenz fir d'Onfallversécherung vun de Wanderer op 80 Joer erop gesat huet, dëst ouni zousätzlech Käschten.

Dës gëllt awer nëmme fir d'Membere vun de Veräiner, déi sech dëser Assurance ugeschloss hunn.

D'Assurance vum Sportsministère bleift onverännert bei der Altersgrenz vu 75 Joer.

Veräiner, déi intresséiert sinn, un der globaler Assurance FLMP – La Baloise – vanbreda&lang kenne sech am FLMP-Sekretariat mellen.

Generalversammlungen

Mir erënneren d'Veräiner drun, dass laut Gesetz all asbl muss mindestens eemol am Joer eng Generalversammlung ofhalen.

D'FLMP versicht och ëmmer en Delegéierten op är Generalversammlungen ze schécken, wann dir d'Federatioun invitéiert.

Yuppi-Walk 2019

Och fir 2019 plange mer erëm 6 Yuppi-Walken ze organiséieren. Déi Veräiner, déi un enger vun dësen Organisatiounen interesséiert sinn, solle sech bis spëtstens den 10. Abrëll 2018 am FLMP-Sekretariat mellen. Fir dës Organisatiounen mussen nieft enger attraktiver Streck fir d'Kanner och ënnerwee mindestens 2 verschidde Spiller mat de Kanner ugebuede ginn. Mat deenen designéierte Veräiner gëtt eng deementspreechend Konventioun ënnerschriwwen.

3. Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung

De 14. Juli 2018 hu mir den nächsten an 3ten Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung. Fir kënnen eng gemeinsam Reklamm ze maache fir dësen Dag, hu mir d'Kandidature fir hei matzemaachen op den Ordre du Jour vun eiser Generalversammlung gesat.

Bis den 9. Februar mussen all eventuell Kandidaten sech gemellt hunn. Duerno stelle mer dann zesammen e Plang op betreffend d'Startzäiten an de Motto vun de Wanderungen.

Mir hoffe fir erëm vill Kandidaturen fir dësen Dag ze fannen.

Springbreak – Luxexpo

Dëst Joer hu mir och erëm déi grouss Chance fir kënnen en Infostand op der Fréijoersfoire „Springbreak“ ze besetzen. Vum 21. bis de 25. Mäerz si mir all Dag vun 12.00 bis 21.00 Auer op der Foire fir eis dem grouss Public ze presentéieren.

Déi Veräiner, déi wëlle Flyere vun hire Wanderungen op dëser Foire ausleeën, sollen dës bis den 10. Mäerz un d'FLMP-Sekretariat schécken.

Mir brauchen och nach d'Hëllef vu fräiwëllege Mataarbechter fir während dësen Deeg eise Stand mat ze besetzen. Leit, déi iwwert eise Wandersport bescheed wëssen a wëllen eng Hand mat upaken solle sech am FLMP-Sekretariat mellen. Mir soen elo schonns e grouss Merci fir Är Hëllef.

Weider Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt.

Flyeren op de Wanderungen

Ëmmer erëm héiert een, datt d'Flyeren, déi net op de Wanderunge mat ewech geholl gi sinn, oft einfach an de Pabeiercontainer verschwannen.

Mir maachen en Opruff un all d'Organisateure fir dës Flyeren zesammen ze halen a se op déi nächst Wanderung matzehuelen.

Domadder maache mir e weidere Geste fir d'Ëmwelt a fir Pabeier ze spueren. Mir soen elo schonns alle Veräiner e grouss Merci fir d'Mataarbecht.

FLMP-Polo

Am Mee fueren erëm vill vun eise Wanderer op d'IVV-Europiade a Sizilien. Fir datt mer och do erëm als Grupp optriede kënnen, besteet erëm d'Méiglechkeet fir en FLMP-Polo ze bestellen bei Freelanders Outdoor & Adventure um éischte Stock an der Belle Etoile. D'Bestellunge gi bis spéitstens Enn Mäerz ugeholl fir ze garantéieren, dat se virum 15. Mee do sinn.

E limitéierte Stock gëtt et och nach am FLMP-Shop.

Mir soen iech elo schonns e grouss Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.